CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
26 SEP. 2016
2418

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An engem Interview op RTL huet d'Madame Direkter vun der Europaschoul gesot, dat d'lëtzebuerger Sprooch am Ament net kann an de „klénge Klassen" geléiert ginn, wëll dofir eng offiziell Demande vum Lëtzebuerger Staat muss gemaach ginn. Esou eng Demande läit awer net vir.

Ech ginn dovunner aus, datt d'Madame Direkter sech bei dëser Ausso op déi allgemeng Regele fir de Sproochenunterrecht an den Europaschoule bezitt. Dee gesäit speziell Dispositioune fir, fir den Unterrecht „an enger anerer nationaler Sprooch" („ONL other national language"oder autre langue nationale). Dëst sinn am Ament Irlännesch, Maltesesch,Finnesch a Schwedesch.

D'Bestëmmunge fir d'Horaire fir déi „aner national Sprooche" sinn am Artikel 2.4 vum den allgemenge Regele fir de Sproochenunterrecht virgesinn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Educatiounsminister dës Fro stellen:

Wéini denkt den Här Minister, eng Demande un d'Europaschoulen ze stellen, fir datt d'Lëtzebuergesch als „aner national Sprooch" an den Europaschoulen opgeholl gëtt, konform zu den allgemenge Regele fir de Sproochenunterrecht an den Europaschoulen?

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse
Affaires générales

Luxembourg, le 21 octobre 2016

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 2418 du Député Fernand Kartheiser

Ech erlabe mer, dem honorablen Här Deputéierten déi interessant Informatioun ze ginn, datt e.a. d'Europaschoulen zu Lëtzebuerg gäre géifen eis Sprooch optional ubidden. Duerfir gëtt am Kontext vun der EIDD zu Déifferdeng vum SCRIPT e Programm "Lëtzebuergesch als Friemsprooch" ausgeschafft, dee mir dann hanneno den Europaschoulen an allen aneren internationale Schoulen hei am Land als didaktescht Material zur Verfügung stellen.

Esou wéi op anere Plazen ugekënnegt, schafft mäin Departement och un der Revisioun vum Privatschoulgesetz. Do wäert virgesi ginn, datt an Zukunft all Privatschoul fir en Agreement ze kréien muss d'Lëtzebuerger Sprooch ubidden. An di bestehend Privatschoulen kréien eng gewëssen Zäit fir sech conforme ze maachen.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-20040816-FR